Co-funded by the Erasmus+ Programme of the European Union

## Wëlls du eng onvergiesslech Erfarung am Ausland maachen?
## Erasmus+ Student Mobility – Deng Chance fir 2026–2027!

Eis Schoul mécht och dëst Joer nees mat beim Erasmus+ Programm, a mir bidden dir eng eenzegaarteg Geleeënheet, fir eng Auslandserfarung ze sammelen!

### Mobilitéit vu 30 Deeg a Frankräich – Dijon

Entdeck d'Liewen an d'Kultur an enger franséischer Partnerschoul zu Dijon während e puer Wochen. Du hues d'Méiglechkeet, nei Frëndschaften ze knäppen, däin Franséisch ze verbesseren an eng nei Schoulerfarung ze maachen!

Dës Mobilitéit wäert zur selwechter Zäit mat engem anere Schüler oder enger anerer Schülerin vun der École Privée Fieldgen stattfannen. Dofir kënnen och Binôme hir Kandidatur erareechen.

☞ Dës Mobilitéit ass fir d'Schüler, déi AKTUELL op folgenden Klassen sinn:
5e C, 4e C/G an 3e C/G.

### Wichteg:

- Wärend dengem Openthalt am Ausland wunns du bei enger Gaaschtfamill.
- Wann s du dech umells, erklärs du dech domat averstanen, och däi franséische Schüler oder deng franséisch Schülerin wärend dem selwechte Schouljoer oder wärend dem Schouljoer 2027–2028 bei dir Doheem zu Lëtzebuerg opzehuelen.

### Nach wichteg Informatiounen:

- D'Käschte fir d'Rees, d'Iwwernuechtung an d'Aktivitéite ginn duerch de Projet gedroen. Dëst kann et och Schüler erméiglechen, matzemaachen, déi net esou vill finanziell Mëttel hunn.
- D'Selektioun vun den interesséierte Schüler gëtt op Basis vun engem Dossier gemaach. (Kuck um Teams)

### Interesse?

Da mell dech bei Froen bei der Mme Hendrickx oder dem Här Lenelle op **erasmus@epf.lu**
Wann s du dech wëlls umellen, da fëll **d'Dokument am Teams oder um Internetsite** aus, a gëff et engem vu béiden of.

**Mir begleeden dech vum Ufank bis zum Schluss!**
**Erasmus+ – Léieren. Reesen. Wuessen.**